N°3026
Entrée le 13.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.10.2025
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Den 28. September 2024 huet de Staat Kalifornien d'Gesetz "AB 2316" (The California School Food Safety Act) ugeholl. Dëst Gesetz verbitt vum 31. Dezember 2027 un d'Benotze vu bestëmmte syntheetesche Liewensmëttelfaarfstoffer a Moolzechten a Gedrénks, déi an den ëffentleche Schoulen ugebuede ginn. Dëst betrëfft ënner anerem d'Faarfstoffer Red 40, Yellow 5 a Yellow 6. Dës Decisioun baséiert op wëssenschaftleche Bedenken, datt dës Zousätz en negativen Impakt op d'Gesondheet vu Kanner kënnen hunn, beispillsweis duerch d'Fërdere vun Hyperaktivitéit.

An der Europäescher Unioun sinn dës Faarfstoffer zwar am Kader vum Reglement (EC) № 1333/2008 erlaabt, mee fir en Deel vun hinnen (dorënner Red 40, Yellow 5 a Yellow 6) gëllt eng obligatoresch Warnung um Etikett: "Kann d'Aktivitéit an d'Opmierksamkeet bei Kanner beanträchtegen". Dëst erkennt also ee potentielle Risiko un.

Et ass evident datt de Staat eng Verantwortung huet, fir responsabel anzekafen, besonnesch wann et ëm d'Ernärung an de Kantinne geet. D'Ernärung an der Schoul ass en zentrale Bestanddeel vun der Preventioun an dem Kannerwuel.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung Informatioune ginn ob d'Liewensmëttelfaarfstoffer Red 40 (E129), Yellow 5 (E102), Yellow 6 (E110), Blue 1 (E133), Blue 2 (E132) a Green 3 (E143) aktuell a Liewensmëttel benotzt ginn, déi an de Kantinne vu Restopolis, de Grondschoulen an de Maisons Relais ugebuede ginn?

2. Gëtt et en Tracking oder e Monitoring vun der Frequenz an der Quantitéit, an där dës spezifesch Faarfstoffer an de Moolzechten an am Gedrénks fir Kanner a Jugendlecher virkommen? Wann jo, kann d'Regierung dës Donnéeën zur Verfügung stellen?

3. Wéi eng konkret Richtlinne gëllen aktuell an de cahiers des charges fir d'Fournisseure vu Schoulkantinnen am Bezuch op d'Benotze vu syntheeteschen Zousätz a Faarfstoffer?

4. Wéi bewäert d'Regierung de potentielle Risiko vun dëse Faarfstoffer am Liicht vun der EU-Warnungspflicht? Ass d'Regierung der Meenung, datt Liewensmëttel mat esou enger Warnung an engem Schoul- a Betreiungsëmfeld iwwerhaapt solle Plaz hunn?

5. Gesäit d'Regierung – nom Virbild vu Kalifornien an am Sënn vum Virsiichtsprinzip – Handlungsbedarf, fir d'Benotzung vun dëse spezifesche syntheetesche Faarfstoffer an de Moolzechten, déi ënner staatlecher Opsiicht u Kanner a Jugendlecher zerwéiert ginn, ze limitéieren oder komplett ze verbidden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten